1- 2021-0-1-7042-01 (n°3823)

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Depot: **Fred Keup**

Lëtzebuerg, den 31. Mäerz 2022

Interpellation - Écoles internationales au Luxembourg

2

# MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest, datt

- déi International Schoul Déifferdeng an Esch/Uelzecht (EIDE) mam Zil gegrënnt ginn ass, Kanner a Jugendlecher mat Migratiounshannergrond wéi och all deene Schüler, déi sech an engem internationale Kontext entwéckele wëllen, déi beschtméiglech Ausbildung vun der Primärschoul bis zum Ofschlossexamen unzebidden;
- dëst Joer déi éischt Schüler aus der EIDE hiren Ofschloss maachen;

ass sech bewosst, datt

- et fir dat weidert Liewe vun de Schüler vun zentraler Bedeitung ass, datt een d'Qualitéit vum Schoulsystem no objektive Krittären anuerdne kann;
- de Gemeinsamen Europäesche Referenzkader fir Sproochen, als Instrument zur Ëmsetzung vun de sproochpoliteschen Ziler vum Europarot, eng transparent, koherent a breet Grondlag bitt, fir d'Kompetenzen an de Friemsproochen ze evaluéieren;

fuerdert d'Regierung op,

- eng Etude ze maachen, déi de Schüler vun den Ofschlossklassen hir Kompetenzen an eisen dräi administrative Sproochen an am Englesche vergläicht mam Kompetenzniveau vun de Schüler aus dem klasseschen an allgemenge Lycée, dëst nom Gemeinsamen Europäesche Referenzkader fir Sproochen.

Fred Keup